**BITTER**

I no longer care
all you motherfuckers get out of my hair
call me a fiend
call me a quitter
leave me be, by myself I'm so fucking bitter

bitter
jump the fuck up
so bitter
out of luck
all quitters
jump the fuck up
so bitter
dive and duck

t'ass mir sou egal
äre ganzen Zirkus, dee léisst mech sou kaal
ech si raus, fräiwëlleg verstidd der
mellt mech oof, verschount mech - vun äre Gemidder

**Burn Baby Burn**

Mir sinn sou individuell dat mer gläich sinn
Di eenzeg Ambitioun ass räich ginn
Räich am materiellen Sënn vum Wuert
aner Definitiounen blaiwen eis erspuert

D'mental Gesondheet ass ënner Beschoss
De Sich nom schnellen Fix, big Pharma ass Boss
D’Entschleunigung vu Corona war eng Léier
huelen alles no, duebel su séier

Duebel su schnell, carpe diem de Credo
Am Turborondpoint eis selwer am Wee ston
Lafen der verluerener Zäit hannendrun
an hu mer se rëm ass d’Liewen verflunn

Wi en Autopilot am Cruise Control
Schon um Gierksen awer den Hals net voll
Schon erstaunlech,well mir stoppen de Wahn net
An da flaamt et

a mir schëdden monter weider
Benzin an d’Faier
Ëmmer virun, jo an Amen
Mir fidderen d’Flamen

Emmer virun, a mir kucken net em

Iergendeen këmmert sech dach schon dorem
Eis hipocrisy ass eis scho bewosst
Mee dobäi sief et beloss

A man's gotta eat, meeschtens iwwert den Honger
Rational, mee hoffen op e Wonner
Dem Herrgott seng Wéer sin mysteriéis
Niichter betruecht sinn se eigentlech béis

Wee pickt et, d'Technik wäert eis all retten
Loos de Fortschrëtt mol vun den Ketten
Endlech onstierflech si mer dann
Wann een sech et dann leeschten kann

Wi en Autopilot am Cruise Control
Schon um Gierksen awer den Hals net voll
Schon erstaunlech,well mir stoppen de Wahn net
An da flaamt et

a mir schëdden monter weider
Benzin an d'Faier
Ëmmer virun, jo an Amen
Mir fidderen d'Flamen

Burn baby burn

**Danz däin Numm**

Oh Digga wat sinn ech gehait
muss op den IFEN, verlueren Zäit

op Formatioun am Leadership,
Supervisioun, incident critique

scho leng dee Lingo mecht mech krank
di spillen Bingo mam Verstand

Erwuessener molen sech mam Touche Bic ronderem hier Hand

looss dech no hannen faalen
ooh wéi en Déier wëlls du sinn
bass du net hierverbrant,
ech hätt nach aner Sachen ze dinn

Sie kennt eran
sie zeckt net laang
a waat sie seet
do get eis Baang
ongelunn
Danz däin Numm

Put your hands up
wackelt all mam Kapp
put your hands up
komm an danz däin Numm
oh baby danz däin Numm

Well guer net wëssen wat dat kascht
dee pseudointellektuelle Fascht

mir spillen alles no, wi Kanner wat eng fucking Plo

gëff dech dem Wahnsinn einfach hinn
lo wou mir hei zesumme sinn

otem an otem aus,  a komm aus dir eraus

mir stellen eis an e Kreess
a marschéiren all am Schrëtt
mir billen wéi en Hond
a sichen no derënnerer Mëtt

mir kucken sie
mir zecken net laang
a wat mir soën
do gët hier baang
ongelunn
Danz Däin Numm

## Atlas

Tréinen Bludd a Schweess
all Dag an ëmmer nees
du goufs am Stach gelooss
awer du stees nach
di Peng en Deel vun dir
du kucks ëmmer no fir
ni geploot
keng eng Kéier bekloot

ni op der Sich no engem Luew
ni op Stëmmefang
ni gedréit ewéi de Fändel am Wand
de gesonden Widderstand

Wanns du wéis wéi gudd daat deet
sou eng wéi's du déi si seelen
een dee weess em wat et geet
wou sou muncher een verseet

Misère ass do bestëmmt
du hëlls et wéi et kënnt
ouni ze zecken
et geet ëmmer virun
och fir di aner do
du kucks net nëmmen no
ni verrood
keng eng Kéier bekloot

ouni vill dovunn ze héieren
vun dir kënne breed Schëlleren léieren
ouni vill dovunn ze héieren
vun dir kënne se léieren

## In Absentia Lucis...

Hallo Däischtert
vill ze laang schon ass et hier

darkness prevails
mir gin eens du stells keng Froen

ech well ni mei vun dir gon
ni méi

blackness remains
ech blaiwen dir trei en Deel vun dir

ech brauch kee Liicht
well de Schiet ass iwwerall
ech brauch kee Liicht
well de Schiet ass iwwerall

Mir sinn fireneen bestemmt
alles wat eis verbënd
Däischtert mäin aalen Frënd
bei dir ass doheem

Keng Verblendung
net wéi Matten an den Dout

shadows embrace
guer kee Schäin alleguer gläich
alles ass sou wéi et schengt

ech well hei verweilen
ni fort

Night the new day
ech blaiwen dir trei en Deel vun dir

ech brauch kee Liicht
well de Schiet ass iwwerall
ech brauch kee Liicht
well de Schiet ass iwwerall
der Däischtert verfall

Mir sinn fireneen bestemmt
alles wat eis verbënd
Däischtert mäin aalen Frënd
bei dir ass doheem

Jo di Donkelheet di leet mech
Jo di Donkelheet erfreet mech
bei dir ass doheem
bei dir ass doheem
un dech kënnt keen

**HUTT MECH ALL GÄR**

Lauschtert lo mol alleguer no,

d´Strooss di rifft, an ech muss lo gon

on the road wi de Kerouac

get the hell outta dodge, no turning back

et get Zäit fir d´Zäit ze vergiessen

sech verlaafen an einfach mol ier senn

huel de pony car aus dem stall

D´Ziel ass neirens an iwwerall

Einfach sou verschwannen

Wou kee mech ka fannen

Iergenwou off the grid am Beschten um Hond hannen

Einfach sou verschwannen

Am Beschten um Hond hannen

Iergendwou an der Pampa do wou keng Sau mech ka fannen

Ech sin da mol fort

Hutt mech all gär - It´s time to pack up and get out of here

It's time to pack up, pack up

vergiess dee ganzen 9 to 5

dir kritt lo eng out of office reply

guer kee Plang ass dee beschte Plang

wi de Cowboy an de Sonnenennergang

d'Welt ka mir den Hënneschten këssen

fänkt guer net un meng Gosch ze vermessen

sie hänkt am Saloon mat Wanted drënner

suck on this dir big ass Biischtebënner

Einfach sou verschwannen

Wou kee mech ka fannen

Iergenwou off the grid am Beschten um Hond hannen

Einfach sou verschwannen

Am Beschten um Hond hannen

Iergendwou an der Pampa do wou keng Sau mech ka fannen

Ech sin da mol fort

Hutt mech all gär  - It´s time to pack up and get out of here

ech si fort ech si raus

ech sinn da mol fort

hutt mech all gär

ech sinn da mol fort

yeah

**Wellebriecher**

An dengem Alter soll een nach dreemen

Virun allem di Dreem di genehm sin

Beruf, Haus, e guud Liewen, scheine Woon

Mee di Heuchelei kanns du net mi erdroen

Di Fratzen mat hieren eidele Verspriechen

Di kommen vun do, wou se dech welle stiechen

Geformt fir de System mat Floskelen ze fidderen

Wat di glaat Binetten dech all uwidderen

Ideen erhengeren am Feld vu Partisanen

Et geht jhust em d´Muecht, dat hu se all verstanen

Also stell dech an d´Rei well et geht och em dech

Dain Liewen deng Bank, Kanner ouni mech

Ech sinn just eng Dreps op de waarme Steen

mee direkt no mir kennt de Reen

Mir sin wie eng Well

Déi iwwert iech waert faalen

Zu emmer mei

Mir sinn zu vill an

Mir suergen dofir

Jo hei blaift naischt beim Aalen

Mir sinn zu vill

A mir hun es saat

Su saat bis uewenhin

Verbattert Gesellen zeien iwwert eis hier
si hun et net gepackt, a waren och mol wie mir
Idealismus sief eis op kee Fall gegönnt
a Verbueter ass naischt wat am Alter bekennt
eis Verännerungswensch sin anscheinend radikal
Är Realiteit ass radikal, Är Wirtschaft net real
moies China fir hier Industrie feliciteiert
mettes sech selwer mam Green Deal geeiert
awer mir sinn déi di vu Politik naischt verstin
do ass den Denkfeeler, mir hu genuch gesinn
duerch är Erfahrung hänkt den Haussegen schief
aner Ideen stempelt dir oof als naiv

Ech sinn just eng Dreps op de waarme Steen
mee direkt no mir kennt de Reen
Mir sin wie eng Well
Déi iwwert iech waert faalen
Zu emmer mei
Mir sinn zu vill an
Mir suergen dofir
Jo hei blaift naischt beim Aalen
Mir sinn zu vill
A mir hun es saat

**OPHIDIAN**

Du dees kengem méi Leed
Dat hues du fir dech entscheed
Och Hëllef brauchs du keng
Du gëss ab lo och eens alleng

Ass et dat net wat dir wollt
ni méi di Blécker, du bass Schold
di Scham um Büro, ëmmer rëm
kuck wéi leefs du och ronderem
anscheinend zitts du Misère un
keen den dir gleeft du hues gelunn
fann endlech zreck rem an deng Spur
Léif alleguer, et geet lo duer

Hat ass verléift, mee an den Dout
schwaarz gefierwten Lëpsen, mee d'Aan di gesi rout
jidereen weess datt et di richteg trefft
e gezwongene Kuss, an da wierkt d'Gëft

Di ronderem wesse Bescheed
mee t'ass keen den eppes seet
D'Angscht ass lo do wou se soll
De Lëppestëft ass nach bal voll

Ass et dat net wat dir wollt
ni méi di Blécker, du bass Schold
di Scham um Büro, ëmmer rëm
kuck wéi leefs du och ronderem
anscheinend zitts du Misère un
keen den dir gleeft du hues gelunn
fann endlech zreck rem an deng Spur
Léif alleguer, et geet lo duer

Et ass kloer dat et di richteg erwëscht
e puer Nimm stinn nach op der Lëscht

E letzte Kuss fir op däi Wee
lo weess du et, Nee heescht Nee

**...Darkness Prevails**

like an opioid
extending its release
I find myself
sleepwalking into the disease

every move
an arrow to a joint
the needle is
the only thing on point

what we were
we were
all we were
we are
no more

my mirror image
my mouth a razorblade
no bark no bite
a reeking void of decay

what we were
we were
we were
no more
no more

what have I become
who am I?
this mirror
a lie, a lie
these limbs go numb and die
I cannot carry my own weight

**Enn vun der Welt**

Ech sinn dronken
et kreese meng Gedanken
ass dat heiten normal
soll ech krank sinn?
an engem System dee sporadesch kollabéiert
mir fueren en ëmmer erëm héisch
wat och scheinbar kee stéiert
dobäi hänkt de Patient schonn éiweg un der Maschinn
mee mir fidderen se weider an et ass ze gesinn
dat mer näischt aus der Vergaangenheet léieren
an di nämmlecht Ideen ëmmer weider regéieren
a mir klappe gär drop, an trëppelen no ënnen
well mir net jidderengem alles gënnen
a mir retten am Mier net Mann, Fra oder Kand
awer Banken a Konzerner di si systemrelevant
eis Stéieren hëllefen hinne virum enden
landen op de Caymans als Dividenden
a ginn di Papers da public gemaach
gëtt de Whistleblower einfach an de Bing gesat

Befier hei alles zerfält
Hal Schratt
Komm matt
Befier hei alles zerfält
Haal Schratt
Mir ginn un d'Enn vun der Welt
Ech gesinn d'Enn vun der Welt

All Léisung ass just fir de Standard ze halen
dobäi ass et de Standard dee muss falen
mee mir plënnere weider a verbreede just Péng
de Misär ass d'nämlecht just d'Verpakung ass gréng
ob lénks oder riets, Iesel oder Elefant
Hier Politik brauch Wuesstum datt geet riicht an d'Wand
ëmmer Walkampfmodus, Partisangezicks
do bleift wéineg Zäit fir Realpolitik
Inhalter kënne just gedeien
wann se kommen aus den eegene Reien
ass dat net de Fall da gëtt diskreditéiert
obwuel een d'Accord ass dat ass sou gestéiert
Energie verschwent fir di Saach ze blockéieren
an e puer Joer duerno et selwer anzeféieren
eng kollektiv Schizophrenie fir déi mir bezuelen
haut muss kee méi dowéinst den Hutt huelen

Befier hei alles zerfält
Hal Schratt
Komm matt
Befier hei alles zerfält
Haal Schratt
Mir ginn un d'Enn vun der Welt
Ech gesinn d'Enn vun der Welt

**Eminence Grise**

E Geflecht jo onsichtbar Sträng
d'Poppen danzen an dir mengt vu ganz alleng

meng Pläng
Meng Muecht
d'Spill mam Faier
iech op erluecht
ongehaier

meng Pläng
Meng Muecht
d'Spill mam Faier
iech op erluecht
Dark Messiah

Sin am Schiet a get sech geplot
Da beschwéiert iech beim nëtzlechen Idiot
dien hat dir jo fain gewielt oh jo
et gouf extra nogezielt

Egal op roud oder op blo
ech sinn emmer fir iech do
och wann dir mech net gesidd
ech sinn äert heemlecht Gemidd
ech sinn den den iech belitt